
# SYNERGIE

43

SEPTEMBER 2017

DE REGIONALMAGAZIN ATERT-WARK
VUM RÉIDENER KANTON



Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"





Depuis 1981 nous concevons et construisons pour nos clients des maisons clés-en-main suivant un cahier des charges des plus complet.

Vous avez un projet ? Demandez-nous conseil !

clk.lu

Toutes les **compétences** pour construire votre maison de A à Z

ENERGIE FIR D'ZUKUNFT

MADE IN LUXEMBOURG

35

1981 2016

CLK

CONSTRUCTIONS

(+352) 88 82 01 2, Zone Industrielle L-9166 Mertzig www.clk.lu

# SOMMAIRE

4 **CULTTRIPS REGIONEN EUROPAS ANDERS ENTDECKEN**

8 **PROJET LEADER TRANS-NATIONAL ARTour**



9 **PROMENADE PHOTOS CHEZ L'HABITANT...**

10 **POP4TEENS & MUSICAL4TEENS**



12 **SUPER ERFOLLEG VUN DER KAMPAGNE „MAM VËLO AN DEN ALR“**

14 **KAMPF STATT ÖL WIE EIN INDIGENES VOLK DEN REGENWALD SCHÜTZT**

16 **KLIMAPAKT ECH ENGAGÉIERE MECH FIR MÉI KLIMASCHUTZ!**

22 **MERTZIG - EIN DORF MACHT SEINEN WEG**



24 **ËMBAU- AN EMSTRUK-TURÉIERUNG A BUTZEN RÄICHEL**

26 **MUSIKSCHOUL RÉIDEN**

28 **JOURNÉE DU BOIS SUR LE THÈME "HOLZ A KLANG – BOIS & SONS"**



30 **NUIT DES LAMPIONS**

31 **ANDERMILLEN WËLLKOMM A GUDDEN APPETIT!**

32 **PORTRAIT FIDUCIAIRE INTERRÉGIONALE**

34 **PORTRAIT SUSI MACHADO AUS DEM PALL CENTER**



36 **PORTRAIT DOGMA AURÉLIE'S PET SHOP**


38 **PORTRAIT DANZATELIER MIRANDA WELTER**

40 **VUN DER ATERT INFORMATIOUNS-VERSAMMLUNGEN**

42 **DE KLIMAPAKT FREET... AN DEN ENERGIEATELIER ÄNTWERT...**



44 **MAISON DE L'EAU E SHOP AN DER INFOSTUFF!**



47 **MAISON DE L'EAU WAT MIR FIR IECH MAACHE KËNNEN**

48 **REGIONALGELD BEKI ENG FINANZIELL ËNNERSTËTZUNG FIR ÄRE VERÄIN!**

50 **CUBE 521**



52 **AGENDA**

## IMPRESSUM

**RÉDACTION, DIRECTION ARTISTIQUE, ILLUSTRATION, MISE EN PAGE & SUIVI DE PRODUCTION**
Art & Wise s.à r.l.

**EDITEUR RESPONSABLE**
Art & Wise s.à r.l.

**IMPRESSION**
Imprimerie Reka s.a.
Imprimé sur papier Cocoon Offset
100% recyclé

**RENSEIGNEMENTS & RÉSERVATIONS**
T +352 23 62 43-20 - F +352 23 62 43-29
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution: novembre 2017
Clôture annonce: fin-octobre 2017
Tirage: 11.200 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



# CultTrips

## REGIONEN EUROPAS ANDERS ENTDECKEN

Zeit für Land und Leute. Auf einer Reise mit CultTrips kann man Engagement, Authentizität und gemeinsames Lernen erfahren. CultTrips schafft Verbindung zu den Menschen, die in der bereisten Region leben und bezieht die Kultur einer Region mit ein – ganz besonders die Lebensart der Leute, ihre Geschichte, Kunst, Architektur, Religion(en) und weitere Elemente, welche ihr Leben geformt haben.

Mit anderen Regionen Europas haben wir die letzten Jahre ein Konzept zu dieser Art von Entdeckung von Regionen erarbeitet. Im folgenden finden Sie einige buchbare Angebote aus unserer Region. Hoffentlich bekommen auch Sie Lust ihre Region anders zu entdecken!

EXPERIENCE PEOPLE & CULTURE IN EUROPE

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

## A la découverte des régions et de leurs habitants de manière différente

Un voyage avec CultTrips est synonyme d'engagement, d'authenticité et permet d'apprendre en commun. CultTrips travaille à faire le lien entre les gens qui vivent dans une région en impliquant la culture mais surtout leur façon de vivre, leur histoire, leur art, leur(s) religion(s) et de nombreux autres éléments qui ont forgé leur mode de vie.

Avec d'autres parties de l'Europe, nous avons développé un concept pour ce type de découverte des régions au cours des dernières années. Voici quelques-unes des offres au choix dans notre région. Nous espérons que vous avez envie de découvrir votre région d'une autre manière!





# Musée Thillenvogei
# Rindschleiden

## Duerfliewen wéi fréier erliewen a matmaachen

**Samschdes 4. November 2017**

### Visite mat Brout baken

10h00 Arrivée: Kleng Begréissung an Uucht an der Kichen.

10h30 Duerno gin d'Visiteuren an d'Baakes wou den Deeg well gut opgaangen as an der Broutmull.

D'Feier am Baakuewen brennt.

D'Brout get an d'Form geknied, deejeinigen dee motivéiert as däerf gäeren eng Hand mat upaaken.

Wann d'Brout geknied as, muss et nach eemol bessi opgouen an duerno get et am Holzuewe gebaak.

11h00 An däer Zäit mache mer eng Visite duerch eise klenge Musée a lossen eis iwer-raschen, weem mer do iwerall begéinen.

12h00 Presentatioun vum Film: „Vum Käer zum Brout"

12h30 Wann d'Brout fäerdig ass, kritt all Visiteur eent mat Heem fir ze schmachen.

Dauer: +- 2 ½ Stonne
Präis: 42 € pro Persoun (min. 12 Leit)
Präis fir Gruppen ab 12 Leit: 500 €

**Freides, 3. a Sonndes, 5. November 2017**

### Visite mat Taarten

14h30 Arrivée: Kleng Begréissung an Uucht an der Kichen.

Am Uewen brennt d'Feier

Mir baaken Taarten während der Visite an eisem Baakuewen.

Wann d'Taarten am Uewe baken mache mer eng Visite duerch eise Musée.

16h00 Présentatioun Film „Vum Käer zum Brout" oder „Vun de Gromperen".

16h30 Kaffi an eent Steck Taart.

17h30 Ofschloss

Dauer: 3 Stonnen
Präis: 45 € pro Persoun (min. 12 Leit)
Präis fir Gruppen ab 12 Leit: 550 €

Am Präiss abegraff ass eng Taass Kaffi an ee Steck Taart pro Persoun. Mir kennen och gäeren aanert Gedrénks servéieren, daat muss dann allerdings supplément verrechent gin.





Réservatioun (obligatoresch) an Informatioun iwwert d'Visiten:

T 691 11 90 90
thillenvogtei@gmail.com
www.thillenvogtei.lu





Schiefermuseum Haut-Martelange

## Erlebte Geschichte - Geschichte erleben!

CultTrips im Schiefermuseum bedeutet Industriegeschichte hautnah und mit allen Sinnen erleben. Die geführte Besichtigung ist nicht Selbstzweck an sich. Geschichte und Geschichten, die Faszination Schieferstein, der Leeköppert und sein Erfahrungsschatz, der Abstieg in den geheimnisvollen Stollen und die verspielte Fahrt mit dem Industriezug legen die Basis für einen gelungenen Zeitsprung. Dem Besucher wird es ein leichtes sein, selbst tätig zu werden im Schieferstein. Er schneidet seine eigene Schieferplatte zu und, angeregt von der Vielfalt der Motive auf dem Gelände des Schiefermuseums, steht es ihm frei, seine Platte zu gravieren oder mit Zeichnungen zu versehen.

Gutes Schuhwerk sowie Kleider, die den Witterungsverhältnissen und kreativen Arbeiten (Staub, Gravur, Acrylfarben) angepasst sind, sind wichtig (Besichtigung der unterirdischen Mine mit konstanten 9°C, Spaziergang usw) .

Ein Minimum von 5 Besuchern ist erforderlich damit die Aktivität statt finden kann. Die Reservierung ist obligatorisch.





Alter: 5-99 Jahre
(Kinder nur in Begleitung erwachsener Personen)

Preis: 15€/Person

Dauer: ca 3 Stunden

Feste Veranstaltungsdaten, Reservierung und weitere Informationen können sie anfragen unter:

T +352 23 640 141
info@ardoise.lu
www.ardoise.lu

Biekerecher Millen

## Willkommen in der alten Beckericher Mühle!

Wusstet ihr, dass sich hier seit dem 14ten Jahrhundert ein freundliches Gespenst rumtreibt? Wir nennen es das 'Millegeescht'. Dieses Gespenst nimmt euch mit auf eine spannende Reise durch siebenhundert Jahre Geschichte der Müller Beckerichs.

Nach der Mühlenbesichtigung wird eine Rundführung des alten Sägewerks angeboten. Unsere Freiwilligengruppe stellt die verschiedenen funktionstüchtigen Maschinen vor und bietet frisches, hausgemachtes Brot an, sowie andere köstliche Produkte aus der Region.

Geführt von unserem reizenden Maskottchen, Quaki der Frosch, werden danach die Reichtümer im Biotop unseres Mühlenteiches vorgestellt: Teufelsquellen, hundertjährige Weide, bewaldete Hügel und Feuchtwiesen.

Am Ende dieser abenteuerreichen Tagesführung zeigt euch eine richtige Schmugglerbande die geheimen, ehemaligen Schmuggelpfade unseres Dorfes. Als Abschluss erkunden wir gemeinsam einen altertümlichen, keltischen Kultort inmitten der umliegenden Wälder. Eine magische Stimmung wird hier garantiert!







Alter: 10-75 Jahre

Preis pro Person: 85€ für das komplette Tagesprogramm

Dauer: 14-22 Uhr

Gruppen bestehend aus 10-16 Personen

Kleidung: dem Wetter entsprechend, festes Schuhwerk

Sprachen: LUX, DE, ENG, FR

Nur auf Anfrage, unter der Woche und an Wochenenden – Minimum 10 Personen

Informationen und Anmeldung:

T +352 691 510 370/372
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu




MANUKULTURA
Useldeng

# Décke Programm am Schied vun der Buerg Useldeng

No klengen Renovatiounen sinn d'Dieren am Millenhaff nees fir de Public opgaangen.

Wou fréier de Gesank an d'Musek geprouft, an d'Pompjeeën geüübt hunn, ass elo Plaz geschaaft gi fir Kultur, Wëssensvermëttelung an Tourismus. D'Raimlechkeete sinn: Den "Touristinfo", den "KreativAtelier", de Sall "Tit Schroeder" an de Sall "Cabaret" fir kleng Events wéi Virträg, Theater, Cabaret a Concerten.

**D'Highlights aus eisem Programm vu September-Dezember 2017:**

21.09.2017 - **Mol-Kurs**
Participatioun: 5 €
Manukultura - Kreativ-Atelier*

7.10.2017 - **Keramik-Workshop**
Participatioun: 10 €
Manukultura - Kreativ-Atelier*

31.10.2017 - **Fright by Night (Geeschter-Nuecht)** - Entrée: 5 €
ab 18h30, op der Buerg + ronderëm

3.11.2017 - **Mol-Atelier fir Kanner**
Participatioun: 5 €
Manukultura - Kreativ-Atelier*





Fir weider Informatiounen oder Umeldunge kontaktéiert den:

Tom Lehnert
T +352 23 63 00 51-26
10h-12h / 14h-17h
manukultura@useldeng.lu
www.useldeng.lu

* Umeldung noutwendeg. All weider Kuren an Terminer fannt Dir am Agenda an op useldeng.lu



# PROJET LEADER TRANSNATIONAL ARTour

La Maison des Jeunes de Redange a organisé une semaine d'échange européen sur le thème de la ruralité, dans le cadre du projet LEADER transnational ARTour, un projet qui court sur 3 années à partir de 2017. Une cinquantaine de jeunes venus de Finlande, de France, d'Allemagne et du Luxembourg ont échangés dans des ateliers artistiques et autres activités durant une semaine.

Un premier échange s'est déroulé à la Ferme Misère à Arsdorf, un cadre idyllique pour ce genre de projet.

Ces 50 jeunes se sont éclatés, les activités ont été un véritable succès. Le vendredi 28 juillet les jeunes ont pu montrer au public tout ce qui avait été réalisé dans les ateliers durant la semaine, nous avons eu droit à un concert (créations des jeunes musiques et paroles), du théâtre, une exposition artistique, un film et du théâtre de marionnettes.

Cette semaine d'échange a permis aux jeunes de s'exprimer sur la ruralité, d'échanger et de faire des rencontres extraordinaires. Tous nos jeunes ont des souvenirs plein les yeux maintenant et une autre vision de nos régions.

Les jeunes participants se sont montrés extrêmement motivés lors du projet et sa préparation.

En voici un aperçu, les images parlent d'elles-mêmes. Ce projet aura une suite lors des 3 années à venir. Un accueil aura lieu en France, un en Allemagne et un autre en Finlande.

**Invitation de participation aux activités futures pour les jeunes de la région Atert-Wark**

Des ateliers hebdomadaires auront lieu au Réidener Jugendtreff fin 2017 et courant 2018 afin de réaliser des activités locales sur la thématique de la ruralité et de préparer le prochain échange transnational.

La **première rencontre se déroulera le vendredi 6 octobre à 16h00**. Tous les jeunes sont les bienvenus pour partager leurs idées.

Nous proposerons de nouveaux ateliers aux jeunes afin de poursuivre dans cette grande aventure ARTour.

Nous attendons un maximum de jeunes pour nous lancer dans cette grande aventure d'échange n'hésitez pas à vous joindre à nous!


L'équipe éducative
du Réidener Jugendtreff

REIDENER JUGENDTREFF
Find us on facebook

**RÉIDENER JUGENDTREFF**
**MAISON DE JEUNES DE REDANGE**
1, rue de Niederpallen I L-8510 Redange
T +352 23 62 05 09 ı F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu ı maite@mjredange.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs
Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.







# PROMENADE PHOTOS CHEZ L'HABITANT...

Faire découvrir des lieux insolites ou inconnus de nos villages, réaliser une expo photos qui mettrait en avant des lieux et/ou des villageois. Notre idée était de faire interagir les gens, aller à la découverte des autres, de se rencontrer, de mettre en valeur des personnes ou des endroits (jardins, maisons, garages,...). Les photos réalisées par des jeunes de la région LEADER Atert-Wark au cours des années 2016-17 seront exposées sur un parcours itinérant dans Redange sur un circuit pédrestre! La promenade sera l'occasion de découvrir ou re-découvrir des lieux cachés de notre village et de donner une visibilité nouvelle.



Projet d'exposition des réalisations photographiques sur le thème de la ruralité.

**L'inauguration aura lieu le vendredi 29 septembre à 18h30 au Zaerenhaus.**

**L'exposition sera visible du 29 septembre au 1er octobre 2017 à Redange.** (affiché à partir du Zaerenhaus 1, rue de Niederpallen)

Les clichés réalisés seront mis en valeur dans des sites et endroits originaux de la commune.

Plusieurs producteurs locaux seront présents sur le parcours pour mettre en avant leurs produits.

Nous avons construit ce projet afin de valoriser la ruralité, l'association Oldtimerfrënn Biekerich sera présentée dans ce cadre.

Le projet a été entièrement encadré par Melle Neckel Scholtus pour tout le volet production, que ce soit le volet participatif Maison de Jeunes ou le volet travail de mémoire avec la Maison de Repos de Redange.

Un atelier spécifique aura également lieu avec Melle Lorna Lawrie sur l'approche de la ruralité.

Nous vous invitons à l'inauguration de notre projet le vendredi 29 septembre à 18h30 au Zaerenhaus à Redange.

Un circuit organisé sera mis en place ce jour-là !

Nous clôturerons le circuit par un beau concert du groupe "AZIMUT" à 21h à la Aula de Redange.

Nous espérons vous rencontrer nombreux pour la clôture de ce beau projet qui mettra en valeur toutes les richesses de la ruralité.

L'équipe éducative
du Réidener Jugendtreff

**RÉIDENER JUGENDTREFF**
**MAISON DE JEUNES DE REDANGE**
1, rue de Niederpallen I L-8510 Redange
T +352 23 62 05 09 I F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu I maite@mjredange.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs
Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



# POP4TEENS

Pop 4 Teens - Hei gi jugendlech Sänger vu 14 Joer un ugesprach, déi sech fir de Chouergesang interesséieren an am léifste Pop sangen. Proposéiert gëtt ee Workshop vun all Kéier 1,5 Stonnen iwwer 12 Wochen an dat während 3 Joer.

Dat éischt Joer hu si sech virun allem mat A-Cappella beschäftegt, sou wéi z.B. Pentatonix oder Wise Guys sangen. Hei gëtt also ouni instrumental Begleedung gesongen. Deemno mussen all d'Instrumenter mat der Stëmm imitéiert ginn, sou och de Bass an d'Percussioun (Beatboxing oder Vocal Percussion). Si hate vill Spaass, hunn awer och festgestallt datt dëst guer net sou einfach ass.

Déi nächst Editioun ass vum 02. Januar bis de 27. Mäerz 2018 am Atert-Lycée Réiden. Weider Informatioune fannt dir op **www.inecc.lu** (ënner Activités)

inecc LUXEMBOURG

REIDENER JUGENDTREFF

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.



# MUSICAL4TEENS

Musical 4 Teens - Hei gi jugendlech Sänger vu 16 un ugesprach, déi sech fir de Sologesang an de Musical-Repertoire interesséieren. Proposéiert gëtt en intensive Musicalworkshop vu 4 Deeg, dat an der Päischtvakanz während 3 Joer.

Mat Professionellen aus dem Beräich (Gesangslehrer, Schauspiller, Choreographen) kréien si individuell Coursen, sou wéi och Gruppecoursen. Donieft kréien si ee Virtrag an e méi déiwen Abléck an d'Geschicht vum Musical.

Déi nächst Editioun ass an der Päischtvakanz 2018 am Atert-Lycée Réiden. Weider Informatioune fannt dir ab dem Hierscht op

**www.inecc.lu** (ënner Activités)

## TÉMOIGNAGEN VUM 1. WORKSHOP MUSICAL 4 TEENS AM RÉIDENER LYCÉE JUNI 2017

**Tania G.:** "Et war een super Stage mat genialer Erfahrung. Extrem leiw Proffen déi ais wierklech ganz vill bäibruecht hunn. An grad fir mech am Gesang hun ech ganz vill konnten mathuelen an ech duecht nie datt ech mat menger Rock-genre Stemm esou vill nach am Musical bereich kënn eraus huelen. Merci nachemol fir deen Flotten Stage!"

**Béatrice B.:** "Villmols Merci vir deen eenzegartegen Stage! Net nemmen hunn mir all vill baigeléiert, mee mir hunn och néi Leit kennengeléiert an mir sinn all Daag en Stéck zesummengewuess. Et seet een jo emmer "Musik verbënnt", an et ass genau daat waat een och bei eis gemierkt huet. Mir kruten en flotten Abléck an d'Welt vum Musical an vill hellefraich Tips vir d'Zukunft an den Beräicher vun Schauspill, Gesang an Danz. Dofir villmols Merci un all dei wonnerbar Proffen, un den Andy an un all déi dei eis des Erfahrung erméiglecht hunn!"

**Sally T.:** "Ech war begeeschtert vun deene 4 Deeg , fir mech hätt et kéinten ee ganze Mount sinn , wann net méi. Ech hunn immenz vill geléiert, sief et iwwer meng Stemm, meng Haltung , meng Ootmung oder och d'Liewe vun enger anerer Perspektiv ze gesinn. [...] Merci fir di fantastesch Deeg! :)"

**Jean-Jacques R.:** „Je pense que tant les stagiaires que les intervenants attribueront à ce stage la note "plein succès"!

En tant que qu'intervenant (prof. de chant) lors de ce stage, j'ai été fasciné par le talent de ces jeunes, par leur soif d'apprendre, par leur enthousiasme et par les "transformations vocales" en seulement 4 jours!

Travailler la voix, c'est toujours rencontrer l'Être dans ce qu'il a de plus personnel et de plus intime. C'est déceler ce trésor de la voix, parfois enfoui, et lui permettre de briller toujours plus. Mais c'est aussi accompagner cet Être dans son épanouissement et son rayonnement propre.

Au-delà de l'évolution vocale de chaque stagiaire, durant ces 4 jours, j'ai été touché par la révélation des talents, par la transformation des personnalités et l'évolution artistique de chacun - que ce soit en chant, en danse ou en théâtre.

Je suis très heureux et reconnaissant d'avoir pu participer en tant qu'intervenant à ce premier "Musical4Teens".

Merci aux organisateurs et à tous les responsables du milieu politique et culturel qui ont permis la réalisation de "Musical4Teens"."



Vive de Vëlo am ALR! D'Schüler, déi matgemat hunn, kruten als Belounung den 3. Juli mëttes éischter fräi a sinn all zesummen mam Vëlo de Passage vum Tour de France op Räichel kucke gaang.

# SUPER ERFOLLEG VUN DER KAMPAGNE „MAM VËLO AN DEN ALR"

Sinn Iech och all déi honnerte Schüler um Vëlo kuerz virun der Summervakanz op de Vëlospisten a Stroossen queesch duerch de ganze Kanton Réiden opgefall?

Kee vun den Organisateuren hätt jee gewot ze dreemen, dass souvill Schüler aus dem Atert Lycée bei dëser Kampagne géinge matmaachen a si wuertwiertlech vun de ville Vëloen iwwerrullt ginn!

De 16. Juni wor de Start-Schoss mat enger Stären-Tour aus allen Ecker aus dem Kanton bis bei den Atert Lycée, begleet jeeweils vun engem Proff. Bei der Arrivée, ass all Schüler um Vëlo mat engem Croissant an enger Schockelasmëllech belount ginn.

Trotz enger zimlech naasser zweeter Kampagneswoch sinn nach ëmmer am Duerchschnëtt eng 63 Vëlosfuerer pro Dag am ALR gezielt ginn.

Immens luewenswäert ass och, dass ganz vill Schüler all Dag vun iwwer 20km wäit ewech mam Vëlo komm sinn: Néngsen, Bungeref, Miersch, Pärel an Ënsber! Chapeau!

Am Duerchschnëtt hunn d'Schüler 11 Kilometer fir ee Wee zréckgeluecht, wat bei eiser hiwweleger Géigend wierklech super ass! Am ganze sinn während deenen zwou Wochen 14.022 km pedalléiert ginn.

D'Organisateure sinn och dëst Joer nees vun de Schüler op verschidde Schwaachstellen an eisem Vëlosnetz opmierksam gemaach ginn. De Syndikat vum Réidener Kanton wëll dëst an Zukunft änneren an huet eng Étude an Optrag ginn, fir Léisungen heifir ze fannen. Ziel ass et, dass all Schüler aus der Regioun sécher a méiglechst ouni Ëmweeër ka mam Vëlo an den Atert Lycée fueren.

Mir hoffen, dass dëst Vëlos-Féiwer och no der Kampagne unhält an d'Vëlosstänneren och weiderhin aus alle Néite platzen.

Flott wier et och, wa na méi Schüler, déi relativ no beim ALR wunnen, mam Vëlo géingen an d'Schoul kommen. Mat der Réidener Gemeng siche mir do no Léisungen.

Ee ganz grousse Merci un di ganz engagéiert Proffen, déi dës Kampagne erméiglecht hunn an ee grousse Bravo un all Schüler dee matgemaach huet! Weider esou!

**Mir soen och all eise Sponsoren: Opti-Vue, Pall-Center, Brasserie Le Mazzo Am Daul, S-Cape an dem Klimapakt Réidener Kanton Merci fir hier Ënnerstëtzung!**



Gewënner vun der Kategorie „Bëschte Klass“: 5e1 mat 74 Participatiounen!




Gewënner vun der Kategorie „Meeschte Kilometer gefuer“: 1. Tim Meyers vu Pärel mat 462 km, 2. Laurent Kurt, Lex Heck & Pierre Horsmans vu Biissen mat 396 km



Genau wéi beim Start vum Tour de France!



Dësen Ubléck huet den Organisateuren immens gefall!







Fotoen vum Annie Scholer, Tom Scheller a Caroline Schmit



Vortrag über Studienreise nach Ecuador

# KAMPF STATT ÖL

## WIE EIN INDIGENES VOLK DEN REGENWALD



# SCHÜTZT.

**23. November 2017 um 20.00 Uhr**
**Beckericher Millen - Saal Scheier**

**Eintritt frei. Der Vortrag wird auf Luxemburgisch gehalten. Anmeldung ist nicht erforderlich.**

Im März dieses Jahres reisten interessierte Mitbürger sowie politisch Verantwortliche aus verschiedenen Klima-Bündnis-Gemeinden in die Amazonasregion von Ecuador. Diese Studienreise wurde vom Klima-Bündnis und der ASTM organisiert.

„Wir hatten das große Glück, die Kichwa-Gemeinde Sarayaku im tropischen Regenwald zu besuchen und ein paar Tage dieses indigene Volk in seinem Alltag zu begleiten. Die Einwohner haben uns sehr viel über ihre Lebensweise im und mit dem Regenwald erzählt und uns einen Einblick in ihre naturverbundene „Kosmovision" des „Lebenden Waldes" gegeben.

Doch was dieses Volk besonders prägt, ist ihr unermüdlicher Kampf gegen große Erdölkonzerne, die immer wieder versuchen, auf ihrem Land Erdöl zu fördern und somit den Regenwald mit seiner „Mega"-Artenvielfalt zu zerstören drohen."

Am 23. November 2017 berichten zwei Teilnehmer über ihre Eindrücke und Erlebnisse dieser Reise: Caroline Calmes, Umweltberaterin der Gemeinde Bettemburg, Mitglied des Klimateams der Gemeinde Préizerdaul sowie der Koordinationsstelle des Klima-Bündnis Lëtzebuerg und Gérard Schoos, Mitglied im Gemeinderat der Gemeinde Weiler-la-Tour sowie der Koordinationsstelle des Klima-Bündnis Lëtzebuerg.



## KLIMAPAKT KAMPAGNE AM RÉIDENER KANTON

# ECH ENGAGÉIERE MECH FIR MÉI KLIMASCHUTZ!

Am Summer war eis Klimaberoderin an der Wahler Gemeng ënnerwee an huet vill engagéiert Klimaschützer kennegeléiert.



## STEFAN MEILINGER VU WAHL: ALL DAG MAM VËLO OP D'SCHAFF OP ETTELBRÉCK!

De Stefan ass Conseiller am Wahler Gemengerot a fiert leidenschaftlech gäre Vëlo. Mee net nëmme bei der Mobilitéit, gëtt bei der Famill Meilinger versicht un d'Klima ze denken, och beim Bau vum Haus a beim Akafen vergiessen si d'Klima net.

***D'Wahler Gemeng ass all Joer Gewënner beim "Tour du Duerf". Virun allem Dir "pedalléiert" zu dësem super Resultat bäi!***

Ech wunnen zu Wahl a fuere sou dacks et geet, meeschtens 4x d'Woch, mam Vëlo op meng Schaff zu Ettelbréck. Ech fueren och am Wanter, soulaang kee Glatäis ass. Während de méi däischtere Méint, benotzen ech ganz performant Luuchten. Ech kréien dann zwar gesot, ech géing wéi ee Kréschtbeemchen ausgesinn, mee Haaptsaach d'Autosfuerer gesi mech!

Well den direkte Wee iwwer d'Nationalstrooss ze geféierlech ass, fueren ech meeschtens iwwer méi kleng Stroossen (via Buerschent) op Ettelbréck, dat sinn dann ronn 24km.

***Firwat Vëlo a net Auto?***

**Et ass ee Geschenk moies um Vëlo ze setzen an der Sonn entgéint ze fueren. Déi Natur-Andréck an déi Rou sinn onbeschreiflech...** Um Vëlo erliewen ech super intensiv Momenter a komme ganz entspaant moies op der Aarbecht oder owes doheem un.

Ee ganz wichtegen Aspekt ass sécherlech och, dass ech mam Vëlo d'Natur manner belaaschten. Wann een d'Halschent vun senge Weeër mam Vëlo mécht, brauch een och just d'Halschent vum Sprit!

***Dir sidd aktiv am Réidener Cycling Club Atertdall?***

Jo, ech sinn do Trainer an Vize-President. Eist Ziel ass et d'Kanner op de Vëlo ze bréngen, hinnen de Spaass um Vëlosfueren ze vermëttelen. All Kand ass wëllkomm bei eis schnupperen ze kommen!

***Wéi geféierlech ass et op eise Stroossen fir d'Vëlosfuerer?***

Als Vëlosfuerer gëtt ee leider oft net als gläichwäertegen Verkéiersteilnehmer behandelt, et gëtt een oft ignoréiert a kritt d'Virfahrt geholl. Ech fueren dowéinst extrem defensiv. Leider ass besonnesch op ville Plazen d'Infrastruktur fir de Vëlosfuerer nach net optimal an dowéinst muss ee wäit Ëmweeër a Kaf huelen. Den Auto huet zu Lëtzebuerg leider ëmmer di méi direkt Verbindung.

***An trotz dem Risiko an de Geforen wëll Dir net op de Vëlo am Alldag verzichten?***

**De Gewënn beim Vëlofueren** – gutt fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt, ee bessert Wuelbefannen an een onvergläichbart Naturerliewnis - **iwwerweit d'Geforen!** Et ginn ëmmer Risiken, egal wat ee mécht! Als Medeziner stellen ech och d'Fro: **Ass de Risiko vum Net-Sport-Maachen krank ze ginn net méi grouss op laang Siicht?**

***Beim Bau vun ärem Haus hu Dir vill ekologesch Kriterien beuecht?***

Jo, am Aklang mat der Ëmwelt bauen wor eis immens wichteg. Eist Haus ass ee Niddreg-Energiehaus, gehëtzt gëtt haaptsächlech mat der Sonn (thermesch Solaranlag) a mat eisem Holz-Kacheluewen. Et ass ee supert Gefill am Summer ze duschen an ze wëssen, dass d'Sonn eist Waasser gehëtzt huet! Mir wollten kee sou grousst Haus a hu vill Wäert op Natur-Materialien geluecht.

***An de Vakanzen ass bei Iech "back to the basics" ugesot?***

An de Vakanze vermeide mir bewosst Fernreisen, Europa huet immens vill ze bidden! Mir si vill mat eisem "Bulli" ënnerwee a weisen eise Kanner, wéi ee mat wéineg gutt ka liewen!



## PATRICK & MARIANNE LOESCH-KELLEN MAM YANN VU BËSCHRUED: ZEFRIDDEN AM NIDDEREG-ENERGIE-HAUS!

De Patrick Loesch ass Member am Wahler Klimateam an huet zesumme mat senger Fra, dem Marianne, besonnesch beim Bau vun hirem Haus zu Bëschrued op Nohaltegkeet gesat. Nieft dem Haus hunn si ee Geméisgaart an ee Bongert ugeplanzt.

***Dir hutt Äert neit Haus dohinner gebaut, wou virdrun de Grousselteren hiert Bauerenhaus stoung?***

Genau, dat alt Haus war an engem schlechten Zoustand. Mir hunn et 2013 ofgerappt an eis entscheet ee Niddereg-Energiehaus (A/B) op déi selwecht Platz ze bauen. Mir hunn eis informéiert, wéi een di traditionell Bauweis ka mat erneierbaren Energien verbannen. Duerch eng gutt Isolatioun brauch eist Haus net vill Energie, eis al Scheier awer ëmsou méi, wéinst de fiichte Maueren. Wëll eist Haus nit ënnerkellert ass, notze mir d'Scheier als Keller an als Lagerraum fir Holz.

***Dir hëtzt also mat Holz?***

Jo, mir hunn eng kombinéiert Heizung, déi souwuel Holzhackschnëtzel wéi och Pellets verbrenne kann. Mir hu genuch Holz aus eegene Bëscher, sou dass mer just am Noutfall missten op Pellets auswäichen. Doduerch, dass d'Heizung geregelt ass (se geet aus soubal de Puffer voll ass), verbrenne mer just souvill wéi mer tatsächlech brauchen.

***Si Dir zefridde mat ärem Choix?***

Jo, mir si ganz zefridden. **Vill Leit mengen, dass mir d'Fënsteren nit kënnen opmaachen, well mir eng Lüftlungsanlag oder ee Niddregenergiehaus hunn. Dat stëmmt nit!** Wat mir awer festgestallt hunn, ass, dass sou Haiser een aneren Ënnerhalt brauchen, z.B. d'Filtere vun der Lüftungsanlag musse regelméisseg gebotzt ginn, wat vill Leit nit wëssen. Wann een sech nit mat der Saach auseernee setzt an den Ënnerhalt vernoléissegt, da gëtt een net zefridden an de modernen Haiser, well Villes nit sou funktionéiert wéi erhofft.



***Dir fuert d'Traditioun vum Gaart, dee fréier zu all Haff gehéiert huet, weider?***

Richteg, mir hunn zënter leschtem Joer een Hochbeet. Mir sinn alle béid mat engem Geméisgaart opgewuess a wollten och dem Yann weisen, wou d'Geméis hierkënnt. Virun 2 Joer hu mir och Uebstbeem an eis Wiss geplanzt.

***Dir produzéiert och Öko-Stroum?***

Um Daach vun der Scheier hu mir eng 15 kWp-Photovoltaik Anlag leien, déi deckt eisen Eegeverbrauch op mannst 3-mol of. Mir haten des Daachfläch op der Scheier zur Verfügung an et war evident se ze notze fir sou eise Beitrag fir eng propper Energie-Versuergung ze maachen.

***Wat ass äre Message un d'Lieser vun der Synergie?***

Mir wëllen nach eng Kéier ënnersträichen, dass ee sech muss mat der neier Aart a Weis fir ze bauen auserneesetzen fir se ze verstoen. Och bedeit Niddregenergie-Haus nit onbedingt modern Architektur, mir hunn vu baussen een "aalt" Bauerenhaus.



## MARIANNE & RAYMOND REINERS-WECKER MAM DENIS A JULIEN

De Raymond Reiners ass Member am Wahler Klimateam. Wann een eppes iwwer Ëmweltschutz an erneierbar Energie kennt, dann de Raym! Virun iwwer 25 Joer huet hien di éischt Lëtzebuergesch Firma fir Solaranlage gegrënnt a war laang aktive Member am Mouvement Écologique.

***Et ass schwéier, méi ee schéinen an op Nohaltegkeet fokusséierten Albau an der Ëmgéigend ze fanne wéi äert Doheem!! Wéi ass et dozou komm?***

Eist Haus ass vun 1853, wéi mir et virun 30 Joer kaf hunn, hu mir et komplett mat Natur-Materialie sanéiert. Viru 25 Joer hu mir eis thermesch Solaranlag a viru 15 Joer eis éischt Photovoltaik-Anlag installéiert. Deemools hu mir och eis Masuttsheizung mat enger Pelletheizung ausgetosch. Mir hate vun Ufank un eis Reewaasser-Anlag mat agebaut, spueren doduerch effektiv d'Halschent vun eisem Drénkwaasser-Verbrauch an. An am Gaart planze mir een Deel vun eisem Geméis an Uebst un.

***Bei lech am Gaart fënnt ee vill flott Beispiller vu Recycling oder zeguer Upcycling!***

Mir versichen de Saachen een 2. Liewen ze ginn! Sou hu mir aus engem ale Wantergaart vun engem Kolleg eng Serre gebastelt. An aus enger Betongs-Zetär, déi een Ausstellungs-Stéck war, hu mir een Hochbeet gemaach.

***Wat sinn d'Wäerter, déi Dir äre Kanner mat op de Wee gitt hutt?***

**Virun allem Respekt, Respekt virun der Natur an den anere Mënschen.** Et war eis och wichteg, dass eis Kanner ëmmer konnte fräi dobaussen an der Natur spillen, Hütte bauen, sëlwer eppes maachen an dorops stolz sinn.

***Raym, Du hues 1990 di éischt Firma fir Solaranlagen, Topsolar, zu Lëtzebuerg, gegrënnt. Wéi ass alles ugaangen?***

Eis Stuff war den éischte Büro vun Topsolar! Di éischt 2 Joer war et eng Ee-Mann Firma an ech hunn deemools schonn, genau wéi haut, thermesch Solaranlagen, Photovoltaik a Reewaasser-Anlagen installéiert. Mat der Aféierung vun de staatleche Bäihëllefe fir erneierbar Energien, ass d'Demande eropgaangen. Gläichzäiteg ass d'Konkurrenz awer ëmmer méi grouss ginn. Haut schaffen insgesamt 8 Persoune fir Topsolar a virun engem Joer ass den Denis, mäi Fils, mat dobäikoum. Mir fannen, dass mir lo grouss genuch sinn a wëlle bewosst net weider wuessen.

***Wat fir ee Potenzial huet d'Sonn an Dengen Aen?***

**D'Sonn ass alles, d'Sonn ass Liewen! Ouni Sonn kee Wand, keng Beem a keen Holz!** Och d'Wärmepompel fonctionnéiert just dank der Sonn! Ech sinn zouversiichtlech, dass 2050 op mannst 80% vun eisem kompletten Energie-Bedarf (Mobilitéit inklusiv) vun erneierbaren Energie gedeckt wäerte ginn.

***Zum Schluss nach, bass de zefridde mat Dengem Elektro-Auto?***

Ech sinn immens zefridden! Den Energieverbrauch läit ëmgerechent a Liter Masutt bei 1,5 Liter pro 100 km, ass dat net super? Am Summer kann ech bis zu 150 km mat enger voller Batterie fueren. An den Auto fiert natierlech mat gréngem Stroum vun EIDA!



## DIANE KREMER & ROMAIN KUGENER MAM JIM & JO VU WAHL: "MAT KAPP, HÄERZ AN HAND D'NATUR ERLIEWEN"

Och d'Famill Kugener huet beim hirem neien Haus op Nohaltegkeet gesat an am Gaart schafft di ganz Famill aktiv mat! Als Enseignant leet de Romain grousse Wäert op praktescht Léieren dobaussen an der Natur.

***Dir hutt viru 4 Joer äert Haus gebaut an hutt gutt op d'Nohaltegkeet Uecht ginn. Wat hu Dir alles ëmgesat?***

Mir hunn en Niddregenergiehaus gebaut. Mat eiser Photovoltaik-Anlag produzéiere mir op mannst duebel souvill Stroum iwwer d'Joer gesinn, wéi mir am Haus verbrauchen. A mat eiser thermescher Solaranlag, déi un eis Heizung (Stéckholz a Pellets) gekoppelt ass, produzéiere mir waarmt Waasser. Mir kënnen sou am Summer eis Heizung komplett ausmaachen, wëll d'Sonn eist Waasser wiermt.

Mir sammelen d'Reewaasser fir eis Toiletten an eise Gaart a mir hu versicht eist Haus méiglechst gutt z'isoléieren, dass keng Hëtzt verluer geet. Mam Lehmbotz op eise Bannewänn si mir immens zefridden. Di leschten Zäit hu mir eis vill am Gaart druginn, wou di ganz Famill matschafft a kierzlech ass eis Kraider-Spiral fäerdeg ginn.

***Och de Jim an d'Jo leeën eng Hand mat un?***

Ganz genau, **bei der Erzéiung ass et eis ganz wichteg, dass d'Kanner léiere sëlwer eppes ze maachen a Spaass derbäi hunn.** Si sollen alles kënnen ausprobéieren (och am Bulli spillen) an hier eegen Erfahrunge maachen, dat geet vun Tomaten uplanzen, baken, bis Hunneg schleideren. Sou verstinn si besser vu wou d'Saachen hierkommen, wéi vill Aarbecht derhannert stécht a wäertschätzen alles méi.

***Romain, als Enseignant versicht Du och d'Schoulkanner oppen ze maache fir eis eenzegaarteg Natur!***

Virun dräi Joer hunn ech decidéiert mech op d'Niewefächer ze konzentréieren a keng Haaptfächer méi z'enseignéieren. Dat erlaabt et mir méi Zäit ze hunn de Kanner d'Theorie vun de Sciencen an der Praxis "erliewen" ze dinn. Vill Kanner sinn de ganzen Dag am Schoulgebai an hunn de Bezuch zu dobaussen, der Natur, de Joreszäite verluer. Ech versichen se mat Projeten, wéi dem Schoulgaart, de Beien, dem Projet "Vigel am Wanter", Ausflich, hirem Natur-Tagebuch... erëm méi receptiv fir hiert Ëmfeld ze maachen.

***Dat kënnt bestëmmt gutt u bei de Kanner?***

Jo, d'Kanner si begeeschtert fir dobaussen ze schaffen. Mäin Ziel ass, dass si dat wat an de Bicher steet, mat den Hänn, dem Kapp a mam Häerz erliewen kënnen. Si solle léieren, d'Saache vu verschiddene Säiten ze kucken an ze verstoen: ekologesch, ekonomesch, geschichtlech, sozial... Da verstinn se och firwat d'Theorie gutt ass a kënnen sech kritesch mat eppes ausernee setzen.

***Är Klasse bidden och regelméisseg hier sëlwer produzéiert Produkter um Rammericher Maart un.***

Richteg, d'Schoulkanner bidden hir Produkter um Rammericher Maart un: am Mee Setzplanzen, ab Juni d'Geméis aus dem Schoulgaart an Hunneg, deen si selwer geschleidert hunn. Sou verstinn si net just, wéi di ganz Produktiounskette funktionéiert, mee sinn och nach mat Recht ganz stolz op hier Aarbecht!

***Bravo fir är immens flott Projeten a vill Freed & Energie fir d'Zukunft!***

Méi Info fannt Dir hei:
www.schoul-kietscht.lu
Naturschoul









## ANNE & PHILIPPE WELTER MAM MARION, ALEX A MOUSTIC VUN HEESCHPELT: EE GROUSSE BONGERT FIR MÉI BIODIVERSITÉIT!

De Philippe Welter ass zu Heeschpelt opgewuess. Virun 10 Joer huet hien zesumme mat senger Famill een aalt Bauerenhaus hei kaf a renovéiert an deem si elo all Weekend a Vakanz verbréngen. Hannert dem Haus hu si ee Bongert an ee Geméisgaart ugeluecht.

***Wéi ass et zu ärem Bongert komm?***

Mir hunn eist Haus 2006 kaf, dat du komplett sanéiert gouf. Souwuel fir d'Haus, wéi och fir de Gaart, hu mir eis eng ekologesch Conceptioun gewënscht. Well ronderëm eisen Terrain vill Monokulture stinn, war eis Iddi eppes fir d'Biodiversitéit ze maachen:

**Komm mir planze méiglechst vill verschidden Hecken a Beem un, am beschte Friichtebeem, da produzéiere mir net nëmme propper Loft, mee och nach eppes Guddes fir z'iessen!**

Fir kënnen ee grousse Bongert unzeplanzen, hu mir nach Terrain hannert dem Haus bäi kaf. Elo sti 86 Uebstbeem vu 25 verschiddene Lëtzebuerger Aarten an eisem Bongert a laanscht di ganz Alentouren ass eng eenheemesch Mëschheck gesat ginn.

***Dir hutt jo ee richtegen Eden-Gaart geschaafen! Klappt alles sou wéi Dir lech dat virstellt?***

De Moment si mir am Experimentéier-Stadium a kucke wat op dem relativ aarme Buedem (Lehm mat Schifer) ukënnt. Mir benotze keng Pestiziden, all Déiere si bei eis wëllkomm! Am Bongert loosse mir d'Wiss bewosst wuessen, et spréisst, bléid a summt iwwerall.

***Wat ass är Motivatioun fir souvill Beem, Hecken a Geméis unzeplanzen?***

Mir schaffen Allenzwee de ganzen Dag am Spidol, hu vill Stress a wéineg roueg Momenter. Am Gaart kënne mir super ofschalten. Et mécht immens vill Freed ze experimentéieren!

Philippe W.: Ech si mat Friichtebeem grouss ginn, et war sou flott fir einfach eppes vum Bam ze plécken an an de Mond ze stiechen.

Anne W.: Ech si mat engem Geméisgaart grouss ginn, d'Geméis am Supermarché konnte mir eis net leeschten. Dat eegent Geméis schmaacht och souwisou vill besser!

***Wéi si Dir virgaange bei der Renovatioun vum Haus?***

Mir wollten d'Séil vum ale Bauerenhaus erhalen an hu méiglechst vill Material erëm genotzt. Eise Wonsch war et autark ze ginn a sou ekologesch wéi méiglech ze bauen: Hëtze maache mir mat Geothermie, mir produzéieren eisen eegene Stroum mat eiser Photovoltaik-Anlag a fänken d'Reewaasser op fir d'Toiletten an de Gaart. **Ass eist Drénkwaasser net ze Schued fir domadder d'Toilett ze spullen? Et war eis ganz wichteg, just mat Lëtzebuerger a wa méiglech lokale Firmen ze schaffe fir di regional Économie z'ënnerstëtzen.**

***Bestëmmt hu Dir nach vill nei spannend Projeten, verrot Dir eis nach een zum Schluss?***

Mir wënschen eis eenheemesch Beien als Awunner an eisem Gaart, dowéinst hu mir och scho Beie-Course suivéiert. A wéi wier et mat enger klenger Wandmillen hannen am Gaart?



## MANUELA SIMON & ALAIN DAMODICE MAM LOÏC VU WAHL: EIST NATURHAUS ZU WAHL

D'Manuela an den Alain sinn 2003 an hirt neit Haus zu Wahl geplënnert, no bei hirer Arbecht fir net mussen den Auto ze benotzen. Bei der Planung vun hirem Haus hu si sech Zäit gelooss fir ee gutt duerchduechten, hire Liewensgewunnechten ugepasstent, komplett ekologescht a bal autonomt Haus ze entwerfen.

***Wéi hu Dir beim Bau vun ärem Haus op d'Ëmwelt opgepasst?***

Ëmweltschutz ass eng Liewensastellung: bei allem wat mir maache, versiche mir d'Ëmwelt méiglechst optimal ze respektéieren. Mir hunn 2003 eist Holzhaus mat ekologesche Materialie gebaut. Ënnert eiser Wiss hu mir Kollektore fir d'Äerdwiermt ze notzen, kompenséieren eise Stroumverbrauch mat enger Photovoltaik-Anlag op eisem Daach a sammelen d'Reewaasser fir eis Toiletten.

Et war ëmmer kloer, dass mir sou vill wéi méiglech mat regionale Firme géinge schaffen, wat och immens gutt geklappt huet. Bannen am Haus hu mir vill selwer gemaach, wéi zum Beispill de Lehmbotz. Mir si ganz zefridde mat eisen Entscheedungen a **sinn 2008 mam Label vun der Grénger Hausnummer fir nohaltegt Bauen ausgezeechent ginn**.

***An Ärem Gaart gesinn ech net just Geméis, mee och vill schéi Blummen, e puer Inten an zeguer eng Kanéngchen fräi ronderëm lafen.***

An eisem Gaart wëlle mir d'Natur e bësse gewäerde loossen, et gesäit fir verschidde Leit zimlech wëll aus, mee d'Déieren a mir si frou! A mir fannen di Diversitéit, déi sou entsteet, immens!

Manuela: Am Geméisgaart hunn ech gekuckt, wat fir Blummen sech mat wat fir engem Geméis gutt verdroen an déi zesumme gesat. Als Beispill geet d'Courgette gutt mat den Dahlien-Blummen an d'Tomate mam sténkegen Houfert.

De Schleeken huet et och gutt an eisem Gaart gefall! Dofir hu mir eis Laafinten ugeschaaft an hu lo keng Schleeke méi!

***Wat ass lech wichteg am Liewen?***

**Mir wëllen eise Kanner eng Welt hannerloossen an där si Freed hunn ze liewen a wou d'Mënschen zesummen an net géinteneen liewen.**

***Wann Dir 3 Wënsch hätt, wieren déi...?***

- Keng Kricher méi
- Eng gerecht Verdeelung a keng Habgier, well wat ee méi huet, wat ee méi onzefridden as
- All Mënsch soll versichen no senge Méiglechkeeten zu enger besserer Welt bäizedroen. Firwat net ufänken sech um Trottoir Moien ze soen an dem Géigeniwwer ee Laachen ze schenken?


energie atelier
KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech


**SYNDICAT INTERCOMMUNAL**
**"DE RÉIDENER KANTON"**
Caroline Schmit I Conseillère Pacte Climat
43, Grand-Rue I L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
caroline.schmit@reidener-kanton.lu
www.klima.lu











# MERTZIG - EIN DORF MACHT SEINEN WEG

Es bewegt sich was in Mertzig. Im südlichen Teil der Gemeinde wird gerade ein Bürgerprojekt umgesetzt. Ein Projekt von Bürgern für Bürger. Ein Themenweg wird's werden - ein Rundweg durch Mertzig, der die Besonderheiten, Sehenswürdigkeiten und historischen Gegebenheiten, die das Dorf bietet, präsentiert und in den Vordergrund stellt. Ein ambitioniertes Projekt, das engagierte Mertziger Bürgerinnen und Bürger hier verwirklichen.

GEMENG MÄERZEG

**ADMINISTRATION COMMUNALE DE MERTZIG**
22, rue principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44 200
www.mertzig.lu










Begonnen hat alles 2007 mit einer Idee, die von Mertziger Bürgern während einer Workshop-Reihe zur künftigen Dorfentwicklung „geboren“ wurde. Konkret wurde es 2010, als Bürgermeister Claude Staudt und sein Team beschlossen, Nägel mit Köpfen und ein richtiges Bürgerprojekt daraus zu machen.

Sofort ging's los: Auftakt-Workshop mit interessierten BürgerInnen zum Abstecken der Eckpunkte, danach „Anschauungsunterricht“ im In- und Ausland plus diverser Diskussions- und Planungsrunden, um die vielen Ideen in ein schlüssiges Konzept zu gießen. Dies mit intensiver Unterstützung von Arno Frising vom MAVPC, Fons Jacques von LEADER Atert-Wark und Thomas Schlicher von CO3, die die Teilnehmer „coachten“, um sie in die Lage zu versetzen, eigenständig ein vernünftiges, stimmiges und tragfähiges Themenwege-Konzept auf die Beine zu stellen – das mittlerweile voll in der Umsetzungsphase ist.

Der Rundweg ist in drei Abschnitte mit unterschiedlichen Wegelängen und Schwierigkeitsgraden eingeteilt. Er startet und endet in der Ortsmitte (alte Post). Hauptattraktionen sind 12 Stationen – Standorte, an denen Besonderheiten gezeigt, ausgestellt, erklärt oder interaktiv dargeboten werden und die zum Spielen, Entdecken, Lernen und Erleben einladen:

1. **Mertziger Mühlen**
   Mühlenstation mit interaktiver Mitmach-Mühle
2. **NaturKunst**
   Kreativ-„Natur-Kunst“-Baustelle
3. **GrenzSteine**
   Bohrkern zum geologischen Aufbau Mertzigs
4. **Kräutergarten**
   Erlebbarmachung der Kräuterwelt mit Rätseln und Gedichten
5. **Grüne Lunge „Im Langen Pesch“**
   Ausbau des Wasserspielplatzes
6. **Steinhauer**
   Wegebegleitende großflächige Fototafeln zur Geschichte der Mertziger Steinhauer
7. **Steinbruch-Industrie**
   Freigelegter Steinbruch mit Mitmachelementen zur Steinbruchindustrie
8. **Mertzigs berühmter Sohn - Sosthène Weis**
   Freilandausstellung mit Bildern des Künstlers
9. **Natur- und Bienenstation**
   „Michs Béienhotel“, eine renaturierte Mardelle und viel Natur
10. **SteinBrechen**
    Freigelegter Waldsteinbruch mit interaktiven Elementen zu Geologie und Steingewinnung
11. **Graecht - „kleine Mertziger Schweiz“**
    Eine imposante Schlucht mitten im Dorf
12. **Surprise**

Im Rahmen eines geführten und moderierten **Bürgerspaziergangs, der am Samstag, den 30. September um 9:30 Uhr** stattfinden wird (Treffpunkt am Parking Sportplatz), wird allen interessierten Mertzigern der aktuelle Stand des Wegs nähergebracht. Komplett fertig sein soll er dann im Frühjahr 2018 – dann wird richtig gefeiert!

# ËMBAU- AN EMSTRUKTURÉIERUNG A BUTZEN RÄICHEL

D'Gebai vun eiser Crèche ass Ufanks der 90er Joren gebaut ginn, a gouf an der Period vun Enn August 2016 - Enn Juli 2017 komplett renovéiert.



A BUTZEN
2, op der Tonn
L-8531 Ell
T +352 26 62 08 82
1a, rue Mgr Jean Bernard
L-8558 Reichlange
T +352 26 02 45 25
abutzen@efj.lu

Hei goufen nei Fënsteren agebaut, eng nei Heizungsanlag an en neien Belüftungssystem installéiert, et gouf eng nei Produktiounskichen ageriicht, souwéi nei Biedem, nei Sanitäranlag'en an eng ganz nei Raumandeelung.

Am Kader vun dësen Ëmbauaerbechten haten mir di eemoleg Geleeënheet, d'Raimlechkeeten un eis konzeptuell Virstellungen unzepassen.

Bei eis ass d'Individualitéit vun all Kand wichteg: all Kand ass anescht a soll sech sengem eegenen Tempo no entwéckele kënnen. Bei eis huet all Kand d'Chance, sech a sengem Rhythmus an sengen Interessien no ze entfalen. Kanner wëllen léieren! Mee dofir brauchen sie awer Konditiounen, die si am Bezuch op hir Liewenssituatioun ënnerstëtzen, an hir Kompetenzen erausfuerderen. Et läit an eisem Interessi, de Kanner des Konditiounen ze bidden.

**Bei eis maachen Kanner net wat se wëllen, mee se wëllen wat se maachen.**

Eist Konzept baséiert op dem Partizipatiounsverständnis vum Kand. Dëst Verständnis setzt viraus, dass Kanner aktiv Gestalter an Acteuren vun hirer Ëmwelt sinn. Mer vertrauen op Entwécklungspotenzial vun de Kanner, dass sie an selwer initiéierten, -gesteierten an -gereegelten Situatiounen optimal Léiervirraussetzungen fir hir perséinlech Entwécklung fannen. Mir als Erzéier fannen eis an dem Prozess an der Roll vum Begleeder, Lernpartner, Nolauschterer, Ënnerstëtzer, Beroder a Coach rem.

Mer bidden den Kanner deeglech eng Kannerkonferenz un, di moies stattfend, hei gëtt all Kand perséinlech begréisst, an d'Erzéier erklären den Kanner den Dagesoflaf a stellen Aktivitéiten vum Moien fir, die sech aus geplangten Aktivitéiten wi och aus Fräispill zesummesetzt. Kanner kennen sech dann fir eng Aktivitéit (mat hirer Foto) androen. Hei ginn natierlech den Alter, d'Interessen an d'Bedürfnisser vun de Kanner beréckslichtegt.

Bei der Ëmsetzung vun dësem Konzept ass et vu Virdeel, die entspriechend Raimlechkeeten zur Verfügung ze hun.









Beim Ëmbau vun der Crèche ass dëst berécksiichtegt gin, sou hun mer di klassesch Gruppenandeelung opgeléist, an stellen den Kanner lo Funktiounsraim zur Verfügung. Hun mer virdrun tëschent 4 Gruppen ënnerscheed, ënnerscheeden mer haut nach tëschent der Bébégrupp (2 Meint – 2 Joer) an dem Jardin-Grupp (2 – 4 Joer). De Mobilier an den Funktiounsraim ass sou gewielt, dass en vill Spillraum zouléisst. Di verschidden Reim sinn no hiren Funktiounen strukturéiert:

- Butzennascht, wat sech an all Altersgrupp befénd: hei gett an den Dag gestart, Elteren brengen hir Kand moies dohin, a kommen et och rem an dësen Grupp sichen.
- Bau- a Kreativraum: hei stin de Kanner di ënnerschiddlechst Materialien zur Verfügung.
- Schlof- a Rouraum: dësen Raum ass fir Mëttesrascht vum Jardin-Grupp reservéiert, awer och fir roueg Aktivitéiten wie Baby- a Kannermessage, Entspanungsübungen, Geschichten...
- Rollespillraum: hei kennen Kanner a verschidden Rollen schlëppen, Situatiounen aus hiren Alldag nospillen.
- Kannerrestaurant an Matmaachkichen: hei ginn Kanner aus dem Jardin-Grupp iessen an et ginn Kach- a Backaktivitéiten ugebueden.
- Beweegungsraum: hei befënnt sech eng Bewegungsbaustell mat verschiddenen Materialien fir Motorik ze trainéieren an sech sportlech ze betätegen.
- Turnsall: hei steet de Kanner eng riesen Ballkëscht zur Verfügung, ausserdeem hun se hei vill Platz fir sech auszetoben.

Mir léeën och vill Wäert drop, mat de Kanner sou vill wi méiglech an fresch Loft ze kommen, eis Spillplaz bitt vill Platz dofir, mer bidden awer och reegelméisseg Spadséiergäng an Bëschaktivitéiten un.

D'Ëffnungszäiten sinn vun Méindes bis Freides vun 6.30 – 18.30 dat ganzt Joer ausser déi gesetzlech Feierdeeg a vum 25ten Dezember bis den 1ten Januar si mer zou.

Interesséiert Elteren sti mer gären iwwer Telefon Ried an Äntwert an op Rendezvous kann een eis och besichen kommen.

*Schrenger Caroline, chargée de direction*



# MUSEKSCHOUL

1979, deemno schonns ronn 20 Joër ier de Legislateur iwwert eng Reform vum kommunale Museksunterrecht dësen professionaliséiert huet, hun sech d'Gemengen Beckerich, Ell, Grousbus, Préizerdaul, Rammerech, Réiden, Useldeng, Saeul a Wahl zesummegedoen fir als Gemengesyndikat eng gemeinsam Museksschoul ze grënnen an esou déi jonk a manner jonk Musikanten net méi an de Musekveräiner auszebilden mee hinnen eng héichwäerteg Formatioun duerch professionell Enseignant'en zoukommen ze loossen.

Vun Ufank un huet dës Muskeksschoul, déi deemools vun manner wéi 200 Schüler besicht gouf, an de Klassesäll vun der Réidener Primärschoul funktionéiert, an dëst an de Nomëtteger wou se soss eidel gestanen hätten.

Esou goufen deemools schonns Synergieeffekter genotzt ier mer iwwerhaapt woussten wat dat Wuert géif heeschen.

Mat de Joren huet sech d'Zuel vun de Schüler an domatter natierlech och d'Zuel vun den Enseignant'en permanent vergréissert an et sinn nei zousätzlech Couren an aneren Instrumenter an och am Gesang agefouert ginn, esou dass d'Unzuel vun de Säll spéitstens 2007 net méi duer gang ass.

Glécklecherweis war awer genee zu deem Zäitpunkt den Atert Lycée fäerdeg ginn wou, well de Lycée am Ufank nach net all Klassen ugebueden huet, nach Säll disponibel waren, esou dass d'Museksschoul op där Platz konnt eng Annex opmaachen.

Leider huet de Lycée awer no 2 Joer säin Gebai selwer gebraucht an d'Museksschoul huet sech missen no enger anerer Léisung ëmsinn, déi provisoresch fonnt gouf an deem een grousst Haus zu Réiden konnt gelount ginn.

Wéi 2009 dat neit Schoulgesetz komm ass, gouf d'Koexistenz vun Primärschoul a Museksschoul an engem selwechte Gebai méi schwiereg well duerch nei pedagogesch Besoin'en wéi z.B. Elteregespréicher oder Reuniounen vum

**Musikschoul Kanton Réiden**
1, rue du Lycée
L-8508 Redange/Attert
T +352 23 62 08 76
www.emcr.lu



# RÉIDEN

Léierpersonal et net méi garantéiert war, dass d'Schoul nomëttes integral der Museksschoul zur Dispositioun steet.

Dofir war et spéitstens zu deem Zäitpunkt de politesch Responsabelen kloer, dass misst eng aner Léisung fir d'Museksschoul fonnt ginn an et gouf ugefaange ee Projet fir een Neibau auszeschaffen. D'Sich no engem adequaten Terrain huet sech heibäi als besonnesch schwiereg erwisen, esou dass sech d'Saach an d'Längt gezunn huet.

## 2014 gouf dunn eng ganz aner Iddi gebuer.

De frësch nominéierten Staatssekretär am Nohaltegkeetsministère, deen och fir ëffentlech Gebaier zoustänneg ass, Camille Gira an den aktuelle President vum Gemengesyndikat vun der Museksschoul, den Réidener Schäffen Tom Faber haten d'Käpp beieneen gestreckt an waren zur Konklusioun komm, dass et sënnvoll wier een zousätzleche Fligel un de Réidener Lycée unzebauen an deem, nieft dringend gebrauchten zousätzlechen Säll fir de Lycée, och d'Museksschoul kéint ënnerbruecht ginn.

## An elo ass et sou wäit.

An ee puer Deeg, den 26 September hëlt d'Museksschoul, déi mëttlerweil iwwer 700 Schüler an iwwer 40 Enseignants zielt, hire Betrib an de neien Raimlechkeeten am Lycée ob.

Hei huet si 1 Stack eleng fir sech, deen speziell ob d'Besoin'en vun enger Museksschoul ugepasst gouf. Hei gëtt et speziell Säll fir déi verschidden Zorten vun Coursen vum individuellen Gesank- oder Instrumentecours, iwwert den Ensembel bis hin zum kollektiven Solfègecours. Dëst erméiglecht et weider nei Couren unzebidden wéi och déi neitzen musekspedagogesch Konzepter ze developpéieren an esou d'Museksschoul vum Kanton Réiden ob engem héijen Niveau an d'Zukunft ze féieren. Et gouf och besonnesch ob d'Akustik opgepasst souwuel fir de Confort vun de Schüler an den Enseignants vun der Museksschoul wéi och fir de Betrib vum Lycée net ze stéieren.

Ee besonneschen Highlight ass den Auditiounssall fir bis zu 90 Spectateuren, deen mat enger héichwäerteger Toun- a Liichttechnik equipéiert ass.

Een 2. Stack gëtt gemeinsam vu Lycée an Museksschoul genotzt.



DIMANCHE 15 OCTOBRE 2017 DE 10H À 18H AU MOULIN DE BECKERICH

# JOURNÉE DU BOIS SUR LE THÈME "HOLZ A KLANG – BOIS & SONS"



DANS LE CADRE DU **WEEK-END DU BOIS 2017**



**LIEU DE LA MANIFESTATION:**
Site du moulin de Beckerich
103, Huewelerstrooss L-8521 Beckerich

**POUR PLUS D'INFOS SUR NOTRE PROGRAMME:**
www.dmillen.lu
www.leweekenddubois.com
ou contacter:
C. DJENNAS - T +352 691 510 370 (L-D-E) ou
I. BERNARD - T +352 691 510 372 (F)
info@dmillen.lu

## Plus de 20 activités autour du bois et des sons pour petits et grands:

Rallye découverte sur le site du moulin, démonstration de coupes de bois à l'ancienne, atelier de sensations tactiles, spectacle de marionnettes, balade "Saveurs des bois", jouets géants, atelier de lutherie, chevaux de trait, atelier de tournage en bois, pizza au feu de bois, exposition de N. Zangarini, face-painting, atelier de relooking de meubles, vannerie, fabrication de cordes comme autrefois ...

Nombreuses animations et performances musicales

Possibilité de restauration sur place!

Une organisation de l'Asbl d'Millen de Beckerich avec le soutien de l'administration de la nature et des forêts.


Entrée a Navette
Gratis
Kropemanns
Fest
de 24. September 2017
zu Réiden/Atert
Musek Blues Jazz
Hobby & Konschtmaart
Kanneranimatioun
+ vill Spezialitéiten
Grouss Ouverture um 10 Auer
hannert dem Worréshaus
NORDLICHT
TV
www.kropemannsfest.lu
https://www.facebook.com/groups/KropemannFest/

# NUIT DES LAMPIONS

Am 23. September 2017 ab 16 Uhr laden COOPERATIONS und die Stadt Wiltz zur zehnten Ausgabe der „Nuit des Lampions“ ein.




Wie jedes Jahr werden der Garten und die angrenzenden Straßen für einen Abend in neuem Licht erstrahlen. Erstmals werden dieses Jahr Laternen und Lichtinstallationen vom Jardin de Wiltz über die Grand-Rue bis zum Amphitheater aufleuchten. Nach dem großen Erfolg der Ausgabe 2016 führen die Veranstalter das bewährte Konzept fort und bieten ein originelles kulturelles Programm für jedes Alter an und dies in einem beeindruckenden Rahmen.

Für das zehnjährige Jubiläum wird das Amphitheater, bekannt durch das Festival de Wiltz, miteinbezogen. Auf der überdachten Bühne werden nationale und internationale Neuentdeckungen der Musikszene auftreten und für Stimmung bis spät in die Nacht sorgen. Neben zahlreichen Live-Acts, die das gesamte musikalische Spektrum von Elektro- bis Balkan-Klängen ausloten, können die Zuschauer Theater-, Kunst- und Tanz-, Zirkus- und Lichtspektakel entdecken. In diesem außergewöhnlichen Ambiente, das magische Lichteffekte, tolle Musik und spannende Aufführungen vereint, ist für jeden Geschmack etwas dabei.

Vereine, Gastronomen und das Prabbeli-Restaurant verwöhnen außerdem die Besucher während der Veranstaltung mit kulinarischen Spezialitäten und Getränken, die an verschiedenen Ständen angeboten werden.

Die erste „Nuit des Lampions“ fand 2007, im Rahmen von „Luxembourg – Hauptstadt der europäischen Kultur“ statt. Seitdem konnte diese einzigartige Veranstaltung ein stetiges Wachstum verzeichnen; sowohl das Ansehen wie auch die Besucherzahlen betreffend. Mit fast 10.000 Besuchern im letzten Jahr kann die „Nuit des Lampions“ mittlerweile durchaus als Höhepunkt im luxemburgischen Kulturkalender angesehen werden. Weiterhin wird die Veranstaltung oft als Paradebeispiel für Nachhaltigkeit und partizipative Organisationsstrukturen angeführt.

Auch dieses Jahr werden wieder Sonderzüge der CFL die Besucher von Rodange und von Troisvierges nach Wiltz und zurück bringen. Shuttlebusse verkehren zwischen Wiltz, Eschweiler, Goesdorf, Wincrange und Bastogne. Gratistransporte bringen die Besucher, die mit dem Auto anreisen, von den verschiedenen Parkplätzen zur „Nuit des Lampions“. Vorgesehen dieses Jahr ist auch ein organisierter Shuttletransport, welcher regelmäßig vom Shopping Center Knauf bis Wiltz und zurück fährt. Das detaillierte Kulturprogramm sowie Informationen zu den Bus- und Shuttleabfahrtszeiten sind auf der Website www.ndl.lu zu finden. Auskünfte über die Zugzeiten erhalten Sie auf www.cfl.lu.

Weitere Informationen finden Sie auf www.ndl.lu, auf der Facebook-Seite @NuitDesLampions und auf **www.cooperations.lu**

COOPERATIONS
ÉTABLISSEMENT D'UTILITÉ PUBLIQUE

**COOPERATIONS asbl**
8 Gruberbeerig
L-9538 Wiltz
T +352 95 92 05




# WËLLKOMM A GUDDEN APPETIT!

andermillen
RESTAURANT

**AN DER MILLEN**
103 Huewelerstrooss
L-8521 Biekerech
www.andermillen.lu
Ëffnungszäiten:
11h30-14h00 & 18h00-21h30
Roudeeg: Méindes, Samschdes
Mëttes & Sonndes Owes

Menu du Jour: 12,00 €
Restauration à la carte
Reservatiounen:
T +352 26 62 10 53
T +352 621 75 75 85

D'Carole Servais aus der Brasserie "Millespënnchen" huet elo och de Restaurant "an der Millen" iwwerholl, dat mat der ganzer Ekipp. Freed Iech op eng nei Menüskaart à la Carole a loosst Iech kulinaresch verwinnen!

# FIDUCIAIRE INTERRÉGIONALE

## BEI ONS STEET DE MËNSCH AM MËTTELPUNKT

E Portrait vun der Ekipp Service Salaire





D'Fiduciaire Interrégionale ass zanter 1995 fest etabléiert am Réidener Kanton, a betreit ënnert der Leedung vun der Madame Bernard Brigitte net nëmme Clienten aus der Regioun, mee ass och am In- an Ausland e gefrote Partner. De Service Salaire besteet aus qualifizéierten an experimentéierte Mataarbechter, déi Hand an Hand mam Service Comptabilitéit a Fiskalitéit zesummeschaffen.

De Service Salaire ass iwwer d'Joren bestänneg gewuess. Eng vun den Ursaache wor, dat aner Fiduciairen hir Paie bei der Fiduciaire Interrégionale an Optrag ginn hunn. Dat schwätzt fir sech, sou de Responsabel vum Service Salaire, den Alex Joseph: *„Bei ons spillt et keng Roll, wéi kleng oder grouss dem Client säi Betrib ass. All Dossier gëtt mat der selwechter Opmierksamkeet traitéiert. Mir sinn disponibel, flexibel, lauschteren no, a mir ginn op d'Bedierfnisser vun all eenzele Client an. Bei ons steet de Mënsch am Mëttelpunkt vun onse Beméiungen. Ech denken, dat ass eng vun den Ursaachen, firwat esou vill Leit eis vertrauen. Donieft hu mir eng fair Präisgestaltung, déi sech no der Unzuel vun den Ofrechnunge pro Mount, esou wéi och no der Komplexitéit vum Dossier riicht."*

Regelméisseg komme gesetzlech Neierungen an zousätzlech Exigenze op eis duer, dozou den Alex Joseph: *„Mir hale permanent en An op déi gesetzlech Entwécklungen, sief et am Aarbechts-, am Steier-, oder am Sozialversécherungsrecht. Dat erlaabt eis, dem Client mat Rot an Dot zur Säit ze stoen, fir him seng Aufgab wesentlech ze vereinfachen. Bei wichtegen Sujeten schécken mir en Informatiounsblat eraus, fir eis Clienten um Lafenden ze halen. Mir sinn och permanent a Weiderbildungen. Nëmmen esou kënne mir de beschtméiglechste Service ubidden."*

Och um Niveau vun de neien Technologië an der Nohaltegkeet leet d'Fiduciaire Interrégionale grousse Wäert op d'Weiderentwécklung, sou den Alex Joseph: *„Op Wonsch kënnen mir déi meescht Dokumenter digital verschaffen an erstellen, sou dass gréisstendeels op Pabeier kann verzicht ginn. Fir d'Zukunft hunn mir virgesinn, onse Clienten e gesécherten Beräich zur Verfügung ze stellen, wou si hir Informatiounen ofleeë kënnen an hir fäerdeg Dokumenter nees kënne siche goen. Dat vermeit d'Verschécke vun E-Maile mat sensibelen Donnéeën. Dobäi geet et dorëms, d'Sécherheet an de Confort ze erhéijen, woubäi de perséinleche Service fir ons ëmmer prioritär bléift."*

**E puer Beispiller vun Déngschtleeschtungen, déi de Service Salaire fir Iech iwwerhuelen kann:**


- Beaarbechtung vu sämtleche Paien, dat an alle Beräicher
- Déi verschidden Deklaratiounen un déi eenzel Administratiounen
- Lounbeschäinegungen an den elektroneschen Dépôt vun de Salaireskonten bei der Steierverwaltung
- Preparatioune vun Aarbechtsverträg an aneren Dokumenter, bei Bedarf an Zesummenarbecht mat Partner aus dem juristesche Beräich
- Ënnerstëtzung bei allen Demarchen am direkten oder indirekten Zesummenhang mat Personalfroen & Paien
- Demarchen am Zesummenhang mat der ADEM, zum Beispill beim Astellen vun Aarbechtslosen
- Verwaltung vun de Congéen
- Beaarbechtung vun der Problematik a Begleedung vun den Selbststännegen
- Estimatioun vun der Pensioun op Basis vun der Carrière
- Beaarbechtung vun grenziwwergräifenden Dossieren an Zesummenaarbecht mat zouverlässegen Partner am Ausland

Och fir d'Zukunft hale mir eis Wäerter héich, a bleiwen eiser rigouréiser Aarbechtsphilosophie trei, ganz nom Motto: **Fiduciaire Interrégionale, une fiabilité à toute épreuve**.

Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

**FIDUCIAIRE INTERRÉGIONALE S.A.**
14, Haaptstrooss
L-8720 Rippweiler
T + 352 23 62 33-1
F + 352 23 62 33-29
fiin@pt.lu
www.fiduciaire-interregionale.lu

Ëffnungszäiten: Vu Méindes bis Freides
vun 8h00 bis 12h30 a vun 13h30 bis 17h00



# ECH HÄTT NIE GEDUECHT, DAT ECH EMOL HEI GÉIF SCHAFFEN!

Portrait Susi Machado aus dem Pall Center

D'Susi Machado (28) ass aus dem Süden, wunnt zu Rodange, an ass zanter 4 Joer fest agestallt am Pall Center: *„Ech hätt nie geduecht, dat ech emol hei géif schaffen! Als Kand sinn ech ëmmer Sonndes mat der Famill heihi komm. Soss wor jo näischt op am Land. A well meng Elteren an der Woch keng Zäit haten, si mer dann ëmmer heihin akafe komm."* No der Schoul wollt d'Susi gären an der Vente schaffen, a wor deemools an enger Formatioun bei der Adem fir sech op dee Beruf virzebereeden: *„Do koum een Här aus dem Pall Center, knapps nodeems ech déi Formatioun ugefaangen hat, an huet mir proposéiert fir op Uewerpallen schaffen ze kommen! Ech hunn net laang gezéckt an hunn zougesot."* Zanterdeem gesäit een d'Susi am Kannerrayon, an dat schéngt och nach fir eng laang Zäit säi Rayon ze bleiwen: *„Egal wéi schlecht däin Dag ugefaangen huet, sinn ech bis hei bei menge klenge Clienten, pepse sie mech direkt op! T'ass esou eng Freed mat Kanner ze schaffen. Se si mega léif!!! Verschiddener kennen ech wuertwiertlech vun Ufank un, wéi se nach bei der Mamm am Bauch woren! Fir dierfe matzekréie wéi se ëmmer méi grouss sinn, beréiert mech immens!"* Esou kennt d'Susi seng kleng Clienten, ewéi och hir ënnerschiddlech Goûten. Besonnesch wichteg ass d'Berodung bei gudde Schong. Do hëlt d'Susi sech gutt Zäit fir dat och alles perfekt sëtzt: *„Ech hunn ee Client, dee krut seng 16. Bon. Leider sinn d'Kleeder aus mengem Rayon elo ze kleng fir hien. Dës Läscht krut ech vu menger Kollegin ugeruff, aus dem Häererayon. De Bouf huet no mir gefrot, well ech säi Stil „total gutt" kennen. Selbstverständlech sinn ech bis iwwer gaangen. Do sinn ech zwar e Kapp gewuess! Mega. Dofir lieben ech mäin Job!"*. Am léifste géint d'Susi nach eng laang Zäit mat senge „Kiddies" schaffen. Mä wann hatt emol d'Flemm sollt kréien: *„Da kann ech hei am Pall Center en anere Service auswielen. Wat wierklech mega ass, wann ee Loscht huet eppes bäizeléieren, da kritt een déi Méiglechkeet fir sech hei intern weider ze entwéckelen. Dat ass eppes wat ech immens schätzen. Wien hei ufänkt, léiert all Etapp vu sengem Beruff, dat vun A bis Z. A wéilt ech elo zum Beispill Bürosaarbecht maachen, ass dat méiglech."* Op d'Fro hin op hatt sech dann emol am Büro géif gesinn: *„Zwar net!! Ech bleiwen hei bei menge Kanner!"*.

PALLCENTER
NATURELLEMENT DIFFÉRENT

**PALL CENTER EXPLOITATION**
2, Arelerstrooss
L-8552 Oberpallen
T +352 23 64 41
F +352 23 62 07 64
contact@pallcenter.lu
www.pallcenter.lu



# DOGMA
# AURÉLIE'S PET SHOP

Portrait Aurélie Mergen vu Brattert

D'Aurélie Mergen vu Brattert kënnt Iech kënneg vir? Dir hutt hatt bestëmmt emol an engem vun de Bëscher hei am Kanton begéint, dat mat sengen 3 Muppen. Oder bei der Firma Inter Toiture zu Réiden, déi hatt zesumme mat sengem Mann leed. Anerer kennen d'Aurélie vu fréier, sief et aus dem Reitsport oder als Muppekiné! Deen Dramberuff, esou ewéi och säi Sport, huet hatt leider missten un de Nol hänken, dat wéinst engem Reitaccident, wou d'Hiewen a verschidde Beweegungen einfach nitt méi méiglech sinn. Elo beschäftegt hatt sech schon e puer Joer am Betrib mat der Compta. Dat wäert och esou bleiwen ausser dat elo nach eng Aktivitéit derbäi kënnt: Hondsfudder verkafen! D'Gesondheet vu sengen Hënn (Kazen a Päerd) ass e grousst Thema. Sécherlech ass vill Auslaf wichteg. Awer d'Fidderen och. A fir aartgerecht natierlecht a gesond Fudder ze fannen, wat dem Aurélie no och wierklech gutt fir d'Muppen ass wor anscheinend alles anescht ewéi einfach. Deemno huet hat ugefaange selwer Fudder ze produzéieren: *„Ech si souzesoen dozou gezwonge ginn duerch mäi Beagle, deen ech 2004 adoptéiert hat. E wor iwwergewiichteg an huet deemno missten op Regimm gesat ginn. Duerch dat deemolegt Fudder, wat ech him ginn hat, ass e richteg aggressiv ginn. Wuel krut e genuch um Niveau vun der Quantitéit mä ech hu séier gemierkt, dat déi néideg Nährstoffer nitt dra woren. No laangem Sichen a näischt fannen hunn ech du noutgedronge selwer ugefaange mat mixen an hu selwer d'Ratiounen zesummegesat. Ech hu mech mat réiem Fidderen auserneegesat. Selbstverständlech hunn ech Wäert op Qualitéit geluecht, a si mir d'Fleesch an d'Schluechthaus siche gaangen. Bëllegt Fleesch à la 2,00 € Steak aus enger Grande Surface wor fir mech iwwerhaapt keng Optioun. Sou eppes iessen ech jo selwer nitt, deemno kréie meng Hënn dat garantéiert och nitt."*

Sou huet sech d'Aurélie iwwert d'Joren d'Erfarungen ugesammelt, a seng Hënn sinn happydiwi an an toppform. Mä dat Ganzt wor och mat Problemer verbonnen: *„Zum Beispill d'Plange fir an d'Vakanz. Selbstverständlech gi meng Hënn och mat awer stellt Iech mol vir fir mat 40 kg Fleesch duerch d'Landschaft ze fueren??? Dat ass jo nitt dran. An dann op der Plaz gutt Fleesch fannen…Ech sinn aktiv an e sélleche Foren am Internet fir mech um Lafenden ze halen. Alles wat mat der Gesondheet vun den Déieren zesummenhänkt interesséiert mech. An du sinn ech an engem Forum, wou iwwert Hondsfudder diskutéiert gouf, op eppes gestouss, wat mech iwwerzeegt huet: Mirals! De Grënner vun däser däitscher Start-Up vun Hondsfudder, den Tim Knobloch huet genee déi selwecht Usiichte wéi ech. Deemno wor ech mir de Betrib ukucken a wor/sinn total begeeschtert vun der impekabler Qualitéit an och der Transparenz. Am Fudder, bio zertifiéiert, ass näischt Kënschtleches dran, 0 Stoffer fir ze fëllen oder Nahrungsergänzungen. 80% Fleesch, dovu 75% Muskelfleesch, optimal ausgeglach u Nährstoffer, Vitaminnen a Proteinnen, fräi vu Weess, Suchtstoffer a Geschmaachsverstäerker. Perfekt."*

Déi ganz Begeeschterung huet elo dozou gefouert, dat d'Aurélie d'Fudder elo exklusiv zu Lëtzebuerg verdreift a sech traut fir sech lues awer sécher selbstänneg ze maachen: ***„Dogma – Aurélie's Pet Shop**, sou soll meng Aktivitéit heeschen. Fir den Ufank verkafen ech d'Honds- a Kazefudder vu Miral esou wéi och Produiten ewéi Broschtgeschir oder Schutzschong. Keng mickreg Qualitéit aus de grousse spezialiséierte Geschäfter, mä nëmme Produkter, déi ech och selwer konnt testen a validéieren. D'Wuel vum Hond steet bei mir un éischter Plaz an dat ass individuell a mat Berodung verbonnen. Ech kucken da mat der Zäit wéi meng Leidenschaft bei de Leit an den Hënn ukënnt, a wäert mech dann och deementspriechend entwéckelen."* Dir kënnt op alle Fall scho mol ufänke mat bestellen, well dem Aurélie seng Garage steet voll mat Béchse vu Miral, déi drop waarden hire neie Meeschter ze fannen.

**DOGMA AURÉLIE'S PET SHOP**
T +352 621 316 263
info@dogma.pet



# 35 JOER, WAT ENG SCHÉIN, LAANG AN ONGEWÉINLECH ZAIT!

Am September 1982 sinn ech aus Amerika erëm koum, wou ech 15 Méint laang bei den Mohawken (Irokesen) zu Akwesane, südlech vu Montreal, am Staat NY, geliewt hat. En Draam aus der Kandheet hat sech domat erfëllt. Bei dësen "traditionnellen" Indianeren hat ech villes iwwert hier Liewesweis vu fréier a vun haut geléiert an hir spirituell a kulturell Connexioun mat der Äerd a mat der Natur an der Praxis erliewt. An daer Zait sinn ech och heefeg op Montreal gefuer an hunn do vill flott Danzcoursen, déi mech faszinéiert a stimuléiert hunn, an deem deemols nach jonken an experimentellen Danz-Zentrum "Tangente" matgemaach.

Voll mat Energie a frëschen Inspiratioune sinn ech erëm op Lëtzebuerg komm, fir den Danzatelier opzemaachen: et sollt méi sinn ewéi just eng Danzschoul, an ouni klassesche Ballet, (dees hat ech méi ewéi genug): et waert eng Plaz ginn, fir sech ze entspaanen, sech kreativ ze fannen a fir sai Kierper bewosst a mat Gefill kennen ze léieren; den Numm Danzatelier war de Programm: Eng Wierkstat fir auszeprobéieren an ze fuerschen. Och den Danzraum um 4. Stack op der Nummer 13 an der Ave. Monterey an der Stad (an deem selwechte Gebai, an deem ech joerelaang Ballet, Modern- an Jazz-Danz beim Danz-Meeschter Jules Mackel gemaach hat!) huet op mech gewaart. Ech wollt eng Alternative fir déi conventionnell Danzcoursen ubidden, eppes wat et deemols nach net ginn ass an de Stater Danzschoulen: Dance-Exploration, Contact Improvisatioun, Gymnastique douce, Workshoppe mat Gruppendynamik, a kreativen Danz fir kleng Kanner.

An esou koum d'Saach an d'Rullen. Vun deem Enge bei dat Anert huet den Danzatelier sech an ech mech entwéckelt. E puer exotesch Joeren an Australien hu sech och do era gequëtscht; ech sinn do séier mai Bräll lass ginn, an ech hunn do, wéi schéin! De Bauchdanz entdeckt, mat deem ech vill gedanzt hunn, bis ech 1991 nees hei am Land Fouss gefaasst hunn. Ausgerechent zu Kapweiler bei Saeul hunn ech e fantastescht klengt Baueren-Haus entdeckt, mat enger grousser Scheier, an daer ech mir konnt en Danzraum ariichten. Allerdéngs haten d'Kanner dee séier besat, esou datt vill Joere laang d'Course vum Danzatelier a gelountene Raim an der Stad gehale goufen.

Wéi d'Kanner grouss genug woren, hunn ech nees Formatioune gemaach: ugefaangen huet et 1995 zu Freibuerg mat der Anna Halprin, vun do un hunn ech 20 Joere laang mat hiere Methode (Danzen+Molen+Schreiwen) geschafft an am Summer 2014 den Ofschloss vum Tamalpa Life/Art Process a Californie gemaach. Ech hu glaichzaiteg de Bauchdanz zaitgeméiss opgefrëscht an eng eege Form vun Zigainer-Danz entwéckelt an och de GODO-Ballengang entdeckt. Weider gong et vun 2000 u mat "Heilende Kräfte im Tanz", (an 10 Joer laang matgedanzt an der Dancing Dialogue Dance Company an Daitschland), dono d'Konschttherapie op der Uni zu Lëtzebuerg, dono de Master an der Psycho nogeholl a kierzlech och nach eng Formatioun fir Mediateur mat Succès ofgeschloss. Well et mech faszinéiert, wéi d'Mënsche fonktionéieren a wéi si hier Gefille bewegen.

D'Danzen ass a blaiwt de roude Fuedem a méngem Liewen, wat e Gléck! Wat waer aus mir ginn ouni den Danz, dee mir méi ewéi eng Kéier a schwéiere Momenten nei Freed a Liewesloscht bruecht huet. An Australien an och hei am Land hu vill Fraen (an e puer Männer) mat mir gedanzt, sech erfuerscht, sech entdeckt, hir Wonne geleckt, sech getréischt a sech geheelt: wat eng wonnerbar kreativ Zait mat villen Tréinen, (vu Péng, vun Trauer a vu Freed) hate mir zesummen! Mat Optrëtten iwwerall am ganze Land op private Partien, op de grousse Feierlechkeeten an op de beschte Bühnen hu mir geblénkt a gewénkt.

35 Joeren, wat do alles dra lait! Et ass vill erop an erof gaangen, an ëmmer nees erop! An elo ass et Zait, eppes neies ze riskéieren. Wat dat genee ass, dat erzielen ech gèren op der Porte Ouverte. Ech hunn nach vill wëlles! Verrode kann ech schonn, dat ech méi als Freelancer waert ënnerwee sinn: gefrot sinn ech och bei Konferenzen a Stagen am Ausland. An och hei zu Kapweiler schaffen ech mat der Psychodynamik, mat der "Nutrition Sensorielle", mat Mënschen déi fir di biodynamesch Therapie bei mech komme fir hiere Kierper an hir Séil ze heelen: si wëllen nees gesinn ouni Bräll, si sichen nei Perspektiven an enger Krise oder si wëllen e Konflikt léisen. Si wënsche sech e gutt Liewe: gutt iessen, gutt fillen, gutt stoen a gutt goen, gutt gesinn, gutt verstoen, gutt verdroen, gutt schlofen.

Dynamic Artful Human Relations.

Eng nei Offerte bidden ech iwwer d'Internetz an d'mir&danza dance company waert och am Fréijoer 2018 fir de 4. Luxembourg City Dance mat villen Dänzer/innen untrieden. E bësche méi lues därf et scho gon, et blaiwt da méi Zait fir ze molen, ze danzen, de Gaart, an d'Familljen an d'Frënn. Ponktuell gëtt et hei an do zu Kapweiler emol nees e Fest, e Workshop, en "Event".

Ech freeë mech drop, d'Etapp vum Danzatelier de leschte Samschdeg vum September an den éischte Sonndeg vum Oktober vun 11:30 bis 18:00 hei mat ville Frënn a Bekanntenen ze feieren an elegant ofzeschléissen. Kommt luussen a schmaachen an danzt mat am mënschleche Liewesdanz.

Ech soen Äddi, virleefeg emol .... Haal dech frësch a monter, a bis geschwënn erëm!

*Miranda*

P.S. Vum 2.10. bis den 15.10. nëmmen op RV grousse Verkaf vun Danzkostumen, Kleeder, Dicher, Schalen, Schong, Spillsaachen, Bijouxen, Paerds- a Reitgeschier, aalt Geschier fir am Gaard, a klenge Kreemchen a grousse Krom vun all den Zorten. RV!

Umellen nëmmen iwer Telefon 691 63 80 66 – uniquement sur r.v. pris par téléphone!

**MIRANDA WELTER**
5, Séllerstrooss
L-8541 Kapweiler
T 691 63 80 66
info@danzatelier.lu


DYNAMIC
ARTFUL

# INFORMATIOUNSVERSAMMLUNGEN

25.9.2017
20h00
Biekerecher Millen

## AARTGERECHT SCHLUECHTEN

### Gréng Luucht fir e mobilt Schluechthaus zu Lëtzebuerg!

**Firwat de Weedeschoss, firwat e mobilt Schluechthaus?**

Wa schluechten, da sou schounend wéi méiglech. Mam Schluechthaus „op Rieder" gëtt de Béischten den Transport erspuert. Dat bedeit manner Stress, well se an hirem gewinnten Ëmfeld bleiwen. A Präsenz vun hirer Bezuchspersoun ginn se an der Weed geschoss. Da gi se op den Hafftransportéiert, an do uschléissend geschluecht. Duerch dës stressfräi Prodzedur leid d'Béischt manner an et gëtt deemno och keen Stresshormon ausgesched. Doduerch ass d'Qualitéit vum Fleesch och däitlech besser. D'Fleesch gëtt direkt gechippt, wat net nëmmen d'Verwiesslunge verhënnert mä eng total Transparenz garantéiert. Och d'Aarbechtsbedingunge fir d'Personal si wesentlech méi agreabel wéi déi di d'Akkordaarbecht aus dem Schluechthaus kennen.

**Wat kascht de Camion mat integréiertem Schluechthaus? Wéi funktionéiert en? Wéi kéint een e finanzéieren? Kéim Dir als Client a Fro? Als Kooperateur? ...**

Eng Parti Froe sti nach op. D'Madame Schult presentéiert de Projet am Detail (25 min), an den Häer Schwaiger beäntwert lech all technesch Froen an enger uschléissender oppener Fro/Äntwert Ronn. Dir kënnt lech Owes och mellen, fir de nächsten Dag am klenge Krees mat der Madame Schult an dem Häer Schwaiger nach weider ze schwätzen.

**Madame Inge Schult**

